



**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister a vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau
op d'parlamentaresch Fro n°2515 vum 25. Juni 2025 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen**

**1. Wäert d'Regierung eng Ännerung vun der TVA um Wäi virhuelen, esou dass een eenzeggen
TVA-Taux fir Wäi gëllt?**

Den Uwendungsberäich vun der TVA gëtt haaptsächlech duerch d'Recht vun der Europäescher Unioun gereegelt, an zwar duerch d'Direktiv 2006/112/CE vum Conseil vum 28. November 2006 iwwert de gemeinsame System vun der Mehrwertsteuer. Déi eenzeg méiglech Optioun fir de Steuerregime fir Wäiner ze vereinfachen — während d'Direktiv respektéiert gëtt — wier d'Differenzéierung opzehiewen, andeems de reduzéierte Steuersaz, deen aktuell op Wäiner aus frëschem Drauwe mat engem Alkoholgehalt vun 13°vol oder manner uwenbar ass, ofgeschaaft gëtt, an en eenheetleche Steuersaz vu 17% op all Wäiner, onofhängeg vun hirem Alkoholgehalt, anzeféieren. Sou eng Moosnam, och wa se eng Vereinfachung géif mat sech bréngen, steet net op der Dagesuerdnung vun der Regierung.

**2. Wäert d'Regierung de Wee goen, fir de Seuil vum Alkoholgehalt um Wäin (vun aktuell
13%), fir deen den Taux intermédiaire vu 14% gräift, eropzesetzen?**

Dës Direktiv reegelt strikt d'Konditiounen, ënner deenen d'Memberstaate reduzéiert TVA-Sätz op bestëmmte Wueren a Servicer uwenden däerfen. Am Kader vun dësem Gemeinschaftsrecht kënnen déi reduzéiert Sätz nëmmen op eng limitéiert a präzis definéiert Lëscht vu Wueren a Servicer ugewannt ginn. Wat alkoholescht Gedränk ugeet, erlaabt d'Direktiv net genuch Flexibilitéit, fir d'Uwendung vum reduzéierten TVA-Saz vu 14% auszebauen.

Eng Erweiterung vum reduzéierte Steuersaz vu 14% op Wäiner mat engem Alkoholgehalt iwwer 13°vol. ass, laut aktueller Rechtslag, net vereinbar mat EU-Recht.

Lëtzebuerg, de 15. Juli 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth